Rees a Polen
05. - 14.09.2016

Text a Fotoen: Luss Wolff

Warschau Kulturpalast

Warschau Chopin Monument

Vum 5. bis den 14. September huet d' Amicale vum Escher Kolléisch eng Rees an Polen organiséiert. Fier déi 13 Reesgäscht sollt d' Entdeckung vun engem Land wat zënter 2004 an der EU ass en onvergiesslecht Erliewnes ginn. Ugefaangen mat der Haaptstad Warschau wou besonnesch den Kultur- an Wëssenschaftspalast weist dass den russeschen Afloss nach ëmmer omnipräsent ass. D' Monument vum Frédéric Chopin, d' Summerresidenz vum leschten polneschen Kinnek Stanislaus Poniatowski wou den lëtzebuerger Grupp fier den Familjenalbum poséiert huet, d' Alstad mam Kinneksschlass an d' Mahnmal als Erënnerung un d' Leidensgeschicht vun den Judden am Warschauer Ghetto sinn Héichpunkten vun engem Besuch an der Haaptstad.

Warschau Familjefoto

Warschau Kinneksschlass

Warschau Mahnmal Ghetto

An der Bezierkshaaptstad Lublin léisst engersaïts d' KZ Majdanek Emotiounen opkommen. Anerersaïts faszinéiert d' Alstad den Visiteur mat hierem Schlass.

Lublin KZ Majdanek

Lublin Schlass

Zu Krakau der 3. Etape vun der Polenrees sinn d' Barbacan Poart an Iwwerreschter vun der Stadmauer Zeien vun enger mëttelalterlecher Festung. Iwwer dem Weichsel Floss um sougenannten « Wawel Hiwwel » trount d' kinneklecht Schlass mat der Kathedral Sankt Waclaw wou den Baustyl vum 12. bis zum 18. Jh. reecht. D' lieweg Moartplaz vun Krakau mat der gothescher Marienkirche ass en Must fier all Polentourist. Als « Extrabonbon » stung duerno en Salzbiergwierk um Programm vun der Amicale.

Krakau Barbakan Poart

Krakau Kathedral Sankt Waclaw

Krakau Marienkirche

Krakau Salzbiergwierk

Zu enger Polenrees gehéiert nun eemol och d' Besichtegung vun den Nazi-Vernichtungslager Auschwitz an Birkenau wou och un d' jiddesch Affer aus Lëtzebuerg erënnert gët

Auschwitz-Birkenau

Breslau, Kulturstad 2016, ass no Warschau, Krakau an Lodze déi 4gréißten Stad an Polen. D' Douminsel mat der 2Tierm Bëschofskierch glaïch um Ufer vun der Oder an d' Alstad mat schéin restauréiert Biergerheiser an engem herrlechen alen Stadhaus hannerloossen Impressiounen déi een esoubal net vergësst. No enger gelongener Rees geet en besonneschen Merci und d' Vizepräsidentin Aleks Gulbicki déi den Grupp als Tourleader begleet huet.

Breslau Douminsel

Breslau Biergerheiser

Breslau alt Stadhaus